PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/09/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.**

D'EU-Kommissioun huet den 23. Juli 2019 op hirer Website informéiert, dass tëscht 1990 an 2016 1,3 Milliioune Quadratkilometer Bëscher an Europa verluere gaange sinn. Dat entsprécht engem Bëschtverloscht vu ronn 500 Mol der Gréisst vu Lëtzebuerg oder 3 an hallef mol der Gesamtfläch vun Däitschland. Wëssend, dass d'Bëscher Groussraim vu Biodiversitéit sinn an och fir d'Klima immens wichteg si well d'Planzen den CO2 aus der Loft bannen,sinn dës Zuelen alarméierend. Et ass awer net just un der Europäescher Unioun, mee un deenen eenzele Memberstaaten fir do hir Responsabilitéiten ze iwwerhuelen. D'Regierung huet de Schutz vum Bësch an hirem Koalitiounsaccord opgeschriwwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Bëscher sinn zënter 1990 zu Lëtzebuerg verluer gaangen?
2. Wéi vill Bëscher sinn zënter 2013 zu Lëtzebuerg verluer gaangen?
3. Wéi wëll d'Regierung de Bëschverloscht an deene nächste Jore bremsen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député